ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
24 MAI 2016
1081

Lëtzebuerg, den 24. Mee 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Gesondheetsminister, den Här Schoulminister an den Här Transportminister weiderzeleeden.

Den ëffentlechen Déngscht an de Privatsecteur kennen de Beruffschauffer. Déi Leit sinn dacks a niddrege Karriären ugestallt, déi net onbedéngt hirer Responsabilitéit an hirer Formatioun Rechnung droen. Duerch d'EU sinn d'Ufuerderungen un dee Beruff mat deem neie Camionsführerschäin nach geklommen. An op ville Plaze ginn och nach Zousazformatioune gefuerdert, z.B., wat den Transport vu Geforengidder ugeet. An deem Zesummenhank wollt ech der Madame Gesondheetsminister, dem Här Schoulminister an dem Här Transportminister dës Froe stellen:

1. Gëtt et ausser dem Führerschäi selwer en Diplom, dat eng offiziell Unerkennung vun de Kompetenzen an der Formatioun vun engem Beruffschauffer wär?
2. Am aner Fall, ass dru geduecht, am Kader vun engem DAP oder engem ähnlechen Diplom déi Formatioun, déi, wéi geschriwwen, offiziell als Beruff unerkannt ass, opzewäerten?
3. Wéi kann e Beruffschauffer, dee net nëmmen de Führerschäi gemaach an ëmmer aktuell gehalen, mee eventuell och nach Zousazformatioune wéi den ADR gemaach huet, seng beruffflech Kompetenz am Kader vun der „Valorisation des acquis de l'expérience" unerkenne loossen?
4. Wär et net gutt, am Kader vun der Lëtzebuerger Logistikpolitik, dee Beruffsstand duerch entspriechend Mesuren ze valoriséieren?
5. Ausser den theoreteschen a prakteschen Ufuerderunge muss de Beruffschauffer och eng Rëtsch gesondheetlech Kritären erfëllen, déi et him soss, éischter wéi Leit an

anere Beruffer, kënnen onméiglech maachen, säi Beruff weider auszeüben. Ass séchergestallt, datt dee Mann oder déi Fra an esou engem Fall ëmgeschoult kënne ginn? Wéi gesäit et mat der Gesetzgebung iwwer de Reclassement aus? Oder bedeit e gesondheetleche Problem fir de Beruffschauffer, datt d'Entwécklung vu senger Karriär a vu senge Verdéngschtméiglechkeete brutal ophält?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

*24.06.16*

**Äntwert vun der Madame Lydia Mutsch, Gesondheetsministerin, vum Här Claude Meisch, Edukatiounsminister a vum Här François Bausch, Minister vun der nohaltescher Entweecklung an den Infrastrukturen op d'parlamentaresch Ufro n°2091 vum 24. Mee 2016 vum Députeierten Här Gast Gibéryen betreffend Berufschauffeuren**

---

A senger parlementarescher Fro stellt den honorablen Députéierten Froen zum Berufsstand vum Berufschauffeur.

Zu Lëtzebuerg gett et zur Zäit keen Diplom vum Educatiounsministère deen ee Beruf vum Chauffeur géif zertifizéieren. Deen eenzegen Diplom an desem Beräich ass deen vum Fahrlehrer – Instructeur de la conduite automobile (DAP).

Fir kënnen als Berufschauffeur ze schaffen, mussen d'Chauffeuren no den Dispositiounen vum geännerte Gesetz vum 5. Juni 2009 iwwert d'Qualifikatioun an d'Formation continue vun de Berufschauffeuren [Führerschäiner vun de Kategorien C1, C1E, C,C E (Camion) an D1, D1E, D an DE (Bus)], déi fir e Betrieb schaffen dee säi Sëtz an der europäescher Unioun huet, mussen eng Grondqualifikatioun an eng Formation continue maachen. Wann déi betraffe Leit des Formatioun gemaach hunn a si zu Lëtzebuerg wunnen, kréien si en Certificat ausgestallt an de Code „95" gett op hiere Führerschäin geschriwwen, wat si europawäit als Berufschauffeur ausweisst. Wann d'Persoun net zu Lëtzebuerg wunnt, kritt si eng „carte de qualification de conducteur" mam Code „95" ausgestallt. Des Formation continue muss all 5 Joer widderholl ginn. Zu Lëtzebuerg gett des Formatioun vum Centre de Formation pour conducteurs zu Suessem ugebueden.

Des weideren, am Aklang mat den Dispositioune vum geännerte grousshäerzoglesche Reglement vum 31. Januar 2003 iwwert den Transport vu geféierleche Gidder (Accord ADR an der Versioun vum 1. Janaur 2015), muss all Chauffeur zu Lëtzebuerg dee mat geféierleche Gidder fiert, eng Formatioun maachen, déi zu Lëtzebuerg am Optrag vum Staat vum House of Training ugebuede gett (Organisme de formation vun der Chambre de Commerce). No deser Formatioun, déi all 5 Joer widderholl muss ginn, kréien d'Kandidaten eng Kaart ausgstallt, déi si als ADR-Chauffeur ausweisst.

Ausser dese Formatiounen ass et am Moment net geplangt nach weiderer anzeféiern.

Eng Validation des acquis de l'expérience kann een nëmmen op offiziell formal Diplomer maachen. Well et zur Zäit an deem Beruff keen offiziellen Diplom gett, ass dat am Moment deemno och net méiglech.

137-000001-20040525-FR

Villa Louvigny
Allée Marconi
L-2120 Luxembourg

Tél. (+352) 247-85505
Fax (+352) 46 79 63

Adresse postale:
L-2935 Luxembourg

ministere-sante@ms.etat.lu
www.ms.public.lu

Niewent de gesondheetleche Critèren fir den C oder D Führerschäin ze kréien, ginn och duerch d'Aarbechtsmedezin medezinesch Ënnersichunge gemaach. E professionnelle Chauffeur huet par Définition e Risikoposten, muss also vun der Aarbechtsmedezin bei der Embauche, an virun der mise au travail, medezinesch apte erkläert ginn. Duerno gett periodesch gekuckt; am Prinzip al 5 Joer an ab 50 Joer al 3 Joer. Déi betraffe Persoun kann awer och méi oft gekuckt ginn fir hier Aptitude néi festzestellen, wa si virdru laang krank gemellt war op Grond vun engem Akzident oder enger Krankheet.

Wann de Chauffeur da géif inapte geschriwwe ginn, zum Beispill fir een Aen- oder Gehéiersproblem oder opgrond vun enger Seenenentzündung vun de Schëlleren, dann huet hien d'Méiglechkeet e Recours (Asproch) bei der Divisioun vun der Arbechtsmedizin an der Emwelt (DSATE) vun der Direktioun vun der Santé anzeléen.

Wann déi betraffe Persoun awer méi wéi 10 Joer als professionelle Chauffeur geschafft huet, wat also als Risikoposten agestuuft ass), an wann sei Patron méi wéi 25 Leit beschäftegt, da fällt déi inaptitude ënnert Attributiounen vun der néier Gesetzgebung vum Reklassement, an déi Persoun déi inapte erkläert ginn ass, muss intern am Betrieb reklasséiert ginn. Den Aarbechtsmedeziner deen zoustänneg ass fir dese Betrieb, muss dann der Commission Mixte e Bericht maache wou ennert anerem Räechtkapazitéiten vun der Persoun beschriwwe ginn. D'Commission Mixte kann dann d'Decisioun fir e Reklassement interne akzeptéieren oder sech fir e Reklassement externe ausschwätzen. E Recours bei der DSATE gett et an dese Fäll net. Am Kader vum Reklassement externe, kann dann des Persoun zum Beispill vun enger Emschoulung profitéieren a vun periodeschen Ennersichungen fir erauszefannen ob d'Inaptitude nach ëmmer weider besteet. Wann dat net méi de Fall ass, kann d'ADEM des Persoun fir eng néi Aarbecht vermëttelen.

137-000001-20040525-FR

Villa Louvigny
Allée Marconi
L-2120 Luxembourg

Tél. (+352) 247-85505
Fax (+352) 46 79 63

Adresse postale:
L-2935 Luxembourg

ministere-sante@ms.etat.lu
www.ms.public.lu